N°35
Entrée le 23.11.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 24.11.2023
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 23/11/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Finanzen & Justiz weiderzeleeden.**

Online Glécksspiller a Wette sinn en legitimmen a milliardeschwéiere Maart vun dem Lëtzebuerg kéint zousätzlech Steierrecetten generéieren. Verschidde Länner, wéi Malta, hunn eng attraktiv Gesetzgebung, fir d'Glécksspill-Industrie op hiren Territoire unzezéien. Och an der Belsch zum Beispill ass d'Glécksspill iwwert präzis Gesetzer streng encadréiert.

Lëtzebuerg fiert aktuell een anere Wee a garantéiert der *Lotterie Nationale* ee Monopol fir all Zort vu Glécksspiller a Wetten hei am Land. Dëse Monopol funktionéiert net: Firme kommen iwwert d'europäesch Unioun trotzdeem hei eran. Queesch duerch d'Land gesäit een a Caféen illegal Spillmaschinne stoen, wou vill Suen iwwert auslännesch Serveren (Malta, Brasilien, etc.) verspillt ginn. An der Äntwert op eis parlamentaresch Fro n°2927 hat de Justizministère d'Präsenz vun 2.000 illegalen Internetbornen bestätegt. Et goufen an der Vergangenheet keng nennenswäert Efforten ënnerholl, fir dës illegal Aktivitéiten ze stoppen oder dës Bornen iergendwéi juristesch z'encadréieren. Dëst soll elo geännert ginn, no engem entspriechende Passage am Koalitiounsaccord vun der neier Regierung.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. D'Glécksspillgesetz vun 1977 gesäit am Artikel 4, Punkt 3, fir Sportswetten eng Taxe vu maximal 25.000 Frang (600€) souwéi ee Maximum vu 15% Bäiträg op "*les sommes engagées ainsi que ceux sur les prix à distribuer*" vir. Den entspriechende groussherzogleche Reglement vum 7te September 1987 bezitt sech awer hei –iertemlecherweis (?) – nëmmen op d'*sommes entrantes.* D'Dispositioun ëm dëse Gesetzesartikel a säin zougehéiregen RGD-Artikel suergen deemno fir Verwirrung, well net gewosst ass, ob sech dëse Prélèvement op 15% vun de Wettasätz plus 15% vum Spillgewënn bezitt oder reng op d'Differenz tëscht Wettasaz an dem Spillgewënn.
    - Bezitt de Steiersaz aus dem Artikel 4 Punkt 3 vum Glécksspillgesetz sech op déi 15% vun de Wettasätz plus 15% vum Spillgewënn **oder** op d'Differenz tëscht dem Wettasaz an dem Spillgewënn (also dem Benefice)?
    - Kann d'Regierung erklären, firwat den "Taux de Prélèvement" vu 15% nach ëmmer deen héchsten an der ganzer EU ass?
    - Wäert déi nei Regierung den Taux de Prélèvement op de Gewënn (Benefice) fixéieren?
    - Wäert d'Regierung den aktuellen Taux vu 15% reduzéieren?

2. D'Gesetz vum 17ten August 1963 iwwert de Steieraccord tëscht Lëtzebuerg an der Belsch vum 30ten August 1962 *ayant pour but d'éviter la double imposition en matière de taxes perçues à l'occasion des concours de pronostics sur les matches de football* erméiglecht et enger belscher Societéit, déi Wettaktivitéiten an der Belsch ubitt, ouni weider Autorisatioun um lëtzebuergesche Marché deelzehuelen an de lëtzebuergesche Steiertaux vu 15% ze ëmgoen, well déi belsch Steier fir dës Entreprisë gëllt.
    - Kënnen d'Ministere bestätegen oder widderleeën, dass eng a Wettspiller autoriséiert Firma an der Belsch hei am Land nom belsche Steiersaz besteiert gëtt? Falls jo, bezitt sech dëse Steiersaz eleng op Wette bei Fussballmatcher oder och op aner Sportaarten a Glécksspiller?

3. Wéi vill Steierrecettë goufen an deene leschten dräi Joren duerch d'Glécksspillgesetz ageholl, opgelëscht no Joer an no Dispositioun aus dem Glécksspillgesetz vun 1977?

4. D'Regierung huet am Koalitiounsaccord festgehalen, dass d'Glécksspillgesetz op de Leescht soll geholl ginn, mee dass Glécksspiller weiderhin nëmmen a Casinoen dierfen ugebuede ginn, obwuel ee groussen Deel vu Glécksspiller um Internet ugebuede gëtt.
   Firwat ass d'Regierung net de Wee gaangen vun enger Liberaliséierung vum Glécksspill?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

www.piraten.lu

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

**Gemeinsam Äntwert vum Finanzminister, Gilles ROTH, a vun der Justizministerin, Elisabeth MARGUE, op d'parlamentaresch Fro n°35 vum 23. November 2023 vum honorabelen Deputéierten Här Marc GOERGEN**

Den Artikel 17 vum modifizéierte groussherzogleche Reglement vum 7. September 1987 betreffend Sportswette reegelt d'Fro vum Steiersaz follgendermoossen:

"(1) *Le prélèvement sur les paris relatifs aux épreuves sportives est fixé à 15% des sommes brutes engagées dans les paris.*

*(2) Sont à considérer comme sommes brutes engagées au sens des dispositions qui précèdent les mises et les enjeux se rapportant*

*a) à des paris sur les épreuves sportives luxembourgeoises ou étrangères dont les bulletins ont été remplis au Luxembourg et remis à des exploitants établis dans le pays ;*

*b) à des paris sur les épreuves sportives luxembourgeoises ou étrangères organisés par des personnes ou firmes étrangères disposant au Luxembourg d´un ou de plusieurs bureaux, agences ou filiales, chargés d´accepter des bulletins mis en circulation dans le pays ou dans les pays étrangers ainsi que les enjeux y afférents.*

*(3) Ne sont pas compris dans les sommes brutes engagées dans les paris les prestations connexes facturées séparément et qui ne sont pas directement liées aux paris proprement dits.*"

Aus dem éischten an zweete Paragraph vum virgenannten Artikel 17 ergëtt sech, dass sech den Taux vu 15% op d'Wettasätz ("*sommes brutes engagées*") applizéiert. D'Notioun vun den "*sommes brutes engagées*" gëtt am zweeten an drëtte Paragraph weider definéiert als « *les mises et les enjeux se rapportant à des paris [...]* », wat bestätegt, dass sech deen Taux also hei op de Wettasaz applizéiert.

Et ass de Moment net virgesinn, eng Ännerung vum Taux de Prélèvement virzehuelen. Dëse Steiersaz wäert sech och weiderhin op *d'sommes brutes engagées* applizéieren.

Et ass weider unzemierken, dass laut dem Artikel 4 vum modifizéierte Glécksspillgesetz vum 20. Abrëll 1977 all Veranstaltung vu Sportswetten zu Lëtzebuerg der Autorisatioun vum Justizminister ënnerworf ass.

Dës gesetzlech Obligatioun gëtt net duerch den Accord iwwert d'Vermeidung vun der Duebelbesteierung am Beräich vun Taxe betreffend Wetten op Fussballmatcher vum 30. August 1962 tëscht Lëtzebuerg an der Belsch opgehuewen.

Op d'Froestellung, wéi ee Steiersaz fir een an der Belsch etabléierten Organisateur, am Fall vun der Applikatioun vum Accord, hei am Land op Wettasätz ("*sommes brutes engagées*") op Fussballmatcher, déi zu Lëtzebuerg acceptéiert goufen, ufalen, fënnt sech d'Äntwert am Artikel 3 vum Accord:

"*Les organisateurs établis en Belgique et autorisés à opérer également au Luxembourg, sont soumis dans ce dernier Etat, au prélèvement sur les sommes brutes y engagées* [...]".

Den Artikel 17 vum modifizéierte groussherzogleche Reglement vum 7. September 1987, den een Taux vu 15% virgesäit, ass an dem Fall z'applizéieren.

Wat Steierrecetten ubelaangt, goufen zënter dem Exercice 2013, keng Steierrecetten iwwer d'Lottosteier méi ageholl. Fir Sportswette goufen, fir d'Joren 2020 bis 2022, och keng Steierrecetten ageholl.

D'Steierrecette fir de Spillcasino fir d'Joren 2020 bis 2022 kënne follgendermoossen opschlësselt ginn[1]:

| **Exercice** | **Steierrecetten** |
|---|---:|
| 2020 | 11.907.071,30 € |
| 2021 | 21.164.360,76 € |
| 2022 | 20.115.215,83 € |

Et ass ofschléissend ze bemierken, dass de Koalitiounsaccord keng weider Liberaliséierung vum Glécksspillgesetz virgesäit. Et ass, am Géigendeel, virgesinn, dass d'Kontrollen an d'Strofen op net autoriséierten Acteuren, déi an hirem Betrib Glécksspiller bedreiwen, solle verschäerft ginn, besonnesch fir dat illegaalt Glécksspill an de Caféen an aneren ëffentleche Plaze besser kënnen ze bekämpfen.

Lëtzebuerg, den 22. Dezember 2023

De Finanzminister

(s.) Gilles Roth

[1] Loi du 17 décembre 2021 portant règlement du compte général de l'exercice 2020
Loi du 23 décembre 2022 portant règlement du compte général de l'exercice 2021
Projet de loi N°8258 portant règlement du compte général de l'exercice 2022